GEMENG
manternach

# Séchere Schoulwee






KlimaPakt
European Energy Award




# Séchere Schoulwee

***Chers parents, chers enfants de la commune de Manternach,***

*En collaboration avec le personnel enseignant et la commission de la mobilité de la commune de Manternach, le concept « Séchere Schoulwee » a été élaboré pour la rentrée scolaire 2020/2021. Le concept sera accompagné d'un nombre de nouvelles mesures de sécurisation des élèves sur leur chemin vers l'école. En tenant compte des résultats d'une enquête réalisée auprès des élèves et des parents, les chemins domicile-école resp. domicile-arrêt de bus seront réorganisés dans toute la commune et les passages pour piétons concernés signalés comme tels (sur le chemin vers l'école, le logo « RENERT » sera marqué sur le trottoir).*

*L'administration communale recommande aux parents de préparer leurs enfants, si possible dès le bas âge, à venir à pied ou à vélo à l'école. Les chemins principaux vers l'école ont été définis en fonction des lieux de résidence des enfants et sont reproduits sur les plans annexés.*

*En vue de garantir une sécurité maximale des élèves sur leur chemin de l'école, un plan de déplacement vers l'école a été élaboré et le logo « RENERT » sera appliqué sur le trottoir à hauteur des passages pour piétons respectifs. Les chemins principaux vers l'école ont été définis sur base des lieux de résidence des enfants.*

*(cf. plan et photo)*

**Léif Elteren, léif Kanner aus der Gemeng Manternach,**

zesumme mam Léierpersonal, der Elvere, den Elterevertrieder an der Mobilitéitskommissioun aus der Gemeng Manternach gëtt d' Konzept „de Séchere Schoulwee" fir d'Rentrée am Hierscht 2020 agefouert. Dëst Konzept gesäit eng ganz Rei nei Sécherheetsmesuren um Schoulwee vun de Kanner vir. Dobäi sinn d'Resultater vun enger Ëmfro bei de Schüler an Eltere consideréiert gi fir d' Weeër an d' Schoul, respektiv zu de Busarrête vum Schoultransport an der gesamter Gemeng ze reorganiséieren a fir entspriechend Zebrasträifen extra auszeweisen (um Schoulwee gëtt de Logo „RENERT" um Wee opgemoolt).

Mir roden den Elteren, hier Kanner schonn a jonke Joren dorun ze gewinne fir, falls et méiglech ass, sou oft et geet ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul oder op de Busarrêt ze goen. D'Haaptweeër ginn op Basis vun dem Lieu de résidence festgeluecht a sinn op de Pläng duergestallt.

Fir eng maximal Sécherheet vun de Schüler um Schoulwee ze garantéieren, ass ee Schoulweeplang entworf ginn. Hei ass de Logo „RENERT" bei de betraffenen Zebrasträifen opgemoolt ginn. D' Haaptweeër bis an d' Schoul ginn op Grond vun den Adresse vun de Kanner definéiert.

(cf. Pläng a Fotoen)

*Afin de minimiser le risque d'accidents, les règles générales ci-après sont à observer :*

- *le trottoir est la seule zone sécurisée pour piétons ;*
- *dans la mesure du possible il faudra emprunter le côté le plus sûr du trottoir, c'est-à-dire celui des maisons et des jardins ;*
- *en l'absence d'un trottoir, il faut toujours emprunter le côté gauche de la rue ;*
- *l'endroit le plus sûr de traverser la rue est au niveau du passage pour piétons ;*
- *si l'enfant doit traverser la rue à un endroit non protégé, il est impératif qu'il se conforme aux règles de sécurité habituelles : regarder attentivement à droite, à gauche, puis de nouveau à droite et ne traverser la rue que si aucun véhicule n'est en vue.*

*Il nous reste à préciser que toutes les mesures prises dans le cadre de la campagne contribueront à la sécurité de toute la population. Chacun devrait y profiter. Les mesures sont en ligne avec nos efforts de rendre les passages pour piétons plus visibles et de réduire la vitesse à l'entrée des villages. Il s'agit d'un long processus qui nous aidera peu à peu d'assurer un peu plus la sécurité de nos citoyens. Nous comptons sur la collaboration de tous nos citoyens, afin de rendre nos routes moins dangereuses.*

***Nous vous remercions pour votre précieuse collaboration.***

Jempi HOFFMANN
*Bourgmestre*
Alix KLEIN-UNGEHEUER
*échevine*
Claude THEISEN
*échevin*

Fir Accidenter ze vermeide sollten dës allgemeng Reegele respektéiert ginn:


- den Trottoir ass deen eenzeg protegéierte Beräich fir Foussgänger;
- et sollt ee, wann méiglech, ëmmer op der sécherer Säit vum Trottoir goen, d.h. op der Säit laanscht Haiser a Gäert;
- Wa keen Trottoir do ass, soll een iwwert déi lénks Säit vun der Strooss goen;
- Et ass ëmmer méi sécher op Plazen iwwer d'Strooss ze goen, wou een Zebrasträifen ass;
- Wann ee Kand op engem ongeschützte Beräich iwwer d'Strooss goe wëll, muss et onbedéngt déi üblech Sécherheetsmesurë respektéieren: fir d'éischt opmierksam no riets, no lénks an dann erëm no riets kucken a réischt duerno iwwert d'Strooss goen, wa kee Gefier ze gesinn ass.

Et ass ze bemierken dass all Mesuren, déi am Kader vum Séchere Schoulwee virgeholl ginn, natierlech zur Sécherheet vun alle Bierger solle bäidroen. Jidderee soll heivu profitéieren. Dës Mesurë reien sech och an eis Efforten, fir Zebrasträife méi visibel ze gestalten, a suergen dofir fir d'Vitesse an den Agäng vun den Dierfer ze reduzéieren. De ganze Projet ass ee laangwierege Prozess an deem mir no a no versichen, méi Sécherheet fir all eis Bierger ze assuréieren. Mir zielen och op d'Mataarbecht vun all Bierger fir eis Stroossen generell méi sécher ze gestalten.

**Mir soen iech Merci fir är wäertvoll Mataarbecht.**

Jempi HOFFMANN
Buergermeeschter
Alix KLEIN-UNGEHEUER
Schäffin
Claude THEISEN
Schäffen

# BERBOURG







*Marquage de pictogrammes « Fiisschen ».*

Piktogrammer „Fiisschen" fir de Séchere Schoulwee ze kennzeechnen.



***Site Rénert :** Quai autobus vers école.*

**Site Rénert:** Zeechnung vum Wee vum Bus bis bei d'Schoul.



*2 passages piétons ont été mis en place dans la rue Hierberwee aux carrefours Kéiwee et Steekaul.*

2 Zebrasträife goufen am Hierberwee op de Kräizunge Kéiwee a Steekaul opgemoolt.



*Un escalier a été construit entre la rue Wangert et la rue Nicolas Wagner pour les relier.*

Tëscht dem Wangert an der Nicolas Wagner-Strooss gouf eng Verbindungstrap erriicht.



*Passage éclairé depuis depuis la rue Nicolas Wagner jusqu'à l'école à Berbourg. Comme ceci, les Cités « Nicolas Wagner, Steekaul, Am Wangert et Kéiwee » sont reliées l'une à l'autre et les habitants n'ont plus besoin de passer vers la rue principale pour accéder à l'école.*

Beliichte Fouswee vun der Nicolas Wagner-Strooss bis an d'Schoul zu Berbuerg. Sou sinn d'Citéë „Nicolas Wagner, Steekaul, Am Wangert a Kéiwee" matenee verbonnen an d'Awunner brauchen net méi iwwer d'Haaptstrooss ze goe fir bis bei d'Schoul.





*Des voies de rétrécissement, des plaques podotactiles, ainsi que des Lampadaires LED ont été installés au passage à piétons près de l'école à Berbourg.*

Eng Verengung fir Gefierer, Taktil Placken, sou wéi LED Luuchte, si beim Zebrasträife bei der Schoul zu Berbuerg installéiert ginn.

# LELLIG






*Marquage en rouge des passages pour piétons en zone 30.*


Roude Markage vun den Zebrasträifen an der Zone 30.

***Berbourg, Lellig, Manternach, Münschecker :*** *A l'entrée des 4 villages, des signalisateurs de vitesse ont été mis pour ralentir la circulation.*

**Berbuerg, Lelleg, Manternach, Mënjecker:** An all Entrée vun de 4 Dierfer goufe Vitessanzeigen opgeriicht, fir de Verkéier ze berouegen.



# MANTERNACH







***Manternach, gare :** suppression d'un parking, 5m distance de sécurité au passage pour piétons.*

**Manternach, Gare:** 1 Parkplaz gouf wech gemaach, 5M Sécherheetsofstand zum Zebrasträifen.

# MÜNSCHECKER








***Münschecker, Maacherwee :*** *Voie suggestive pour les piétons.*

**Mënjecker, Maacherwee:** Séchere Foussgängerwee.



***Berbourg, Lellig, Manternach, Münschecker :*** *A l'entrée des 4 villages, des marquages été mis pour ralentir la circulation.*

**Berbuerg, Lelleg, Manternach, Mënjecker:** An all Entrée vun de 4 Dierfer goufe Stroossemarkéierungen opgemoolt fir de Verkéier ze berouegen.

# INVITATION

***Invitation à la présentation sur le chemin d'école sécurisé « De séchere Schoulwee »***

*Par la présente, nous vous invitons à la présentation sur le « séchere Schoulwee », qui se déroulera **jeudi, le 17 septembre à 19 :00 heures** au Centre Beaurepaire à Berbourg.*

*Veuillez-vous enregistrer auprès du secrétariat de la Commune jusqu'au 16 septembre au plus tard, soit via téléphone au numéro 71 01 72 30 ou par email sur secretariat@manternach.lu.*

*Les gestes barrières, ainsi que les règlements concernant le coronavirus sont bien évidemment à respecter.*

*Le collège échevinal*








**Invitatioun op d'Präsentatioun vum „séchere Schoulwee"**

Heimat invitéiere mir Iech op d'Präsentatioun vum „séchere Schoulwee", **Donneschdes, de 17. September um 19h00** am Centre Beaurepaire zu Berbuerg.

Mellt Iech weg am Sekretariat vun der Gemeng, per Telefon um 71 01 72 30 oder per E-Mail op secretariat@manternach.lu, bis spéitstens de 16. September un.

Déi gängeg Gestes barrières, sou wéi d'Reglementer bezüglech dem Coronavirus si selbstverständlech ze respektéieren.

De Schäfferot



GEMENG manternach

# Séchere Schoulwee

www.manternach.lu
www.facebook.com/manternach.lu





RECYCLE
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C008551
www.fsc.org

Imprimerie OSSA, Niederanven
PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-18-878020

PRINTING OSSA NIEDERANVEN